Léif Matbiergerinnen,

Léif Matbierger

Haut ass de Virowend vu Nationalfeierdag. Een Dag, dee mir ëmmer nees gären a mat Freed zesumme feieren. Dëst Joer steet eis Fest, eise Feierdag allerdéngs an ouni Zweiwel ënnert anere Virzeechen.

Eist traditionellt Schëfflenger Fest - den Treffpunkt fir eis Matbiergerinnen a Matbierger - mat flotter Musek a Gesank, bei engem gudde Maufel an engem gudde Patt – ass ofgesot.

Mir hunn eis dowéinst kuerzfristeg dozou decidéiert am Respekt vum "Etat de Crise" eng Rencontre am klenge Krees ze organiséieren, zesumme mat de Veräiner, de Memberen aus dem Gemengerot a mat de Responsabelen aus der Gemeng, fir eisem Nationalfeierdag déi gewënschten Opmierksamkeet ze schenken.

Eppes ewéi eng Séance académique, déi musikalesch vu Leit a Kanner aus eiser Mëtt encadréiert gëtt an duerch Interventioune vun zwee Schüler oder Studenten aus eiser Gemeng a gläichermoossen duerch d'Präsidentin vun der Maison des Jeunes asbl beräichert ginn.

Iech Merci fir Är Presenz an allen aktiven hei op der Bün e Bravo fir hiren Engagement.

Dir Dammen an Hären

D'Pandemie vum Covid-19 an déi domadder verbonne Mesuren hate wäitgoend Konsequenzen op eist Liewen - e Schock, dee mir lues a lues verdauen ... op eis gesellschaftlech, sportlech a kulturell Aktivitéiten, op eis ekonomesch Entwécklung, op eise sozialen Zesummenhalt, op eist Gesondheetswiesen, op eis Reesfräiheet, op eis Ëmwelt, op eis Natur a villes méi ... !

Datt kee Schëfflenger Fest ass, ass der Pandemie geschëlt. Vrun allem awer och aus Grënn vu Pietéit an Dignitéit hu mir d'Fest ofgesot – vill Leit, déi vum Covid-19 betraff woren, hunn oft e wierkleche Calvaire matgemaach, iwwer honnert sinn hei am Land gestuerwen, ...

.... vill Famillje vun auslännesche Matbierger hunn ëm hier Léifst a Portugal oder Italien getrauert, et wore Momenter vu Leed an Trauer, et woren Zäite vun Onsécherheet, Angscht, Elengsinn an Isolatioun ... besonnesch fir eeler, krank a vulnerabel Matmënschen, ...

Mam Confinement läit eng schwiereg Zäit hannert eis. Zanter e puer Deeg ass ëmmer méi Liicht um Enn vum Tunnel ze gesinn. A mir all hoffen, datt sech, déi eigentlech positiv Unzeechen och tatsächlech confirméieren.

Ech denke jidder Eenzelen ass frou, datt lues a lues nees e Stéck méi Normalitéit am Alldag méiglech ass. Dat ass jo och wichteg a noutwenneg fir eis Gesellschaft, fir Jonker a manner Jonker, fir d'Veräiner, fir d'Geschäftswelt, fir den Handel an d'Gastronomie, fir d'Ekonomie, fir eis Zukunft, fir nei Perspektiven an Hoffnungen ...

De Virus huet sécherlech villes changéiert: eis Liewensgewunnechten, eis Astellungen, eise Mateneen, den Ëmgang ënnerteneen a villes méi.

Et ass awer och gewosst, datt de Virus leider nach net verschwonnen ass, neen hie lieft ëmmer nach ënnert eis, ... esou datt Responsabilitéit, Disziplin a Kompetenz weiderhi vu jidder Eenzele gefrot bleiwen. Et geet jo drëm e weidere Shutdown ze vermeiden ...

Allerdéngs, datt mir eis elo am Déconfinement befannen, ass ville Leit ze verdanken, déi an de leschte Méint mat vill Bienveillance an Häerzblutt sech fir anerer engagéiert hunn.

Mir wëllen haut profitéiere fir deene villen, déi sech agesat hunn, e grousse MERCI mat vill Respekt auszeschwätzen!

Et ginn der eigentlech vill, déi opgezielt misste ginn, .... vun den Aide-soignanten iwwer d'Infirmiere bis zu den Dokteren, d'Männer a Fraen aus de Botzservicer, déi Engagéiert Matbierger an de Service de Secours, der Police, déi vill Aarbechter a Beamten op eiser Gemeng, eist Léierpersonal.

... e Merci den Handwierker a Geschäftsleit, déi ewéi vill aneren dofir gesuergt hunn, datt essentiell a liewesnoutwenneg Servicer an Déngschtleeschtungen oprecht gehal a offréiert konnte ginn ...

E Merci, och un déi politesch Responsabel an Experte ronderëm d'Gesondheets-ministesch fir eng extraordinär gutt Aarbecht, mat net ëmmer einfachen Decisiounen,..

E Merci, deen och un all Eenzele geet, dee mat Versteesdemech vis-à-vis vun de Mesuren a Consignë Akzeptanz gewisen huet a mat Solidaritéit, dës delikat a net einfach Zäit mat Rou a Bravour gemeeschtert huet, ... dee senge Matmënsche gehollef huet, dës gestäipt a begleet huet.

E Merci och un all déi, déi Gedold gewisen hunn, och wann Perspektive laang Deeg ganz däischter woren, ...

Dës sanitär Kris huet eis villes ofverlaangt, a mir wësse "e Weider esou wéi ëmmer", ass och net méiglech.

D'Konsequenzen op eis ekonomesch, sozial a finanziell Situatioun ass nach net zu 100% erkennbar, allerdéngs ass elo schonns gewosst, datt esou wuel déi politesch Responsabel a Regierung, Chamber a Gemeng mat wesentleche Verännerunge rechne mussen. Dat wat geplangt ass, muss nei evaluéiert, nei orientéiert a nei ajustéiert ginn.

Dat trëfft och op eis Gemeng zou. Een Nodenken iwwer de Wee an d'Projet, déi realiséiert sollen a musse ginn, ass noutwenneg.

Déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng ass méi ugespaant ewéi virun der Kris, an et ginn an de nächste Méint noutwenneg budgetär Ustrengungen ze fixéieren.

De Prioritéitskatalog muss gläichermoossen hannerfrot ginn, wuel- wëssend, datt net alles iwwer de Koup geworf muss ginn. ... an et geet drëm den Investitiounsvolume vun der Gemeng op héijem Niveau ze halen ...

Dëse Berodungsprozess soll sech awer net nëmmen op d'Majoritéit oder op Eenzeler limitéieren, nee de gesamte Gemengerot soll a muss agebonne ginn.

Am Sënn vun eiser participativer Meenungsbildungsaarbecht si gläicher-moossen eis Delegéiert an de konsultative Kommissiounen invitéiert, sech an dëse Prozess ze investéieren.

Déi nei Erausfuerderunge solle mir zesumme beroden! Parteipolitescht Gestreits ass net gefrot. Et geet ewéi ëmmer a schwierege Situatiounen ëm eng Politik vum Mateneen, wou gesonde Mënscheverstand, Solidaritéit, Toleranz an de Wëllen zum beschtméiglechen Kompromëss gefrot sinn. Dat ass an der Vergaangenheet oft geschitt, an ech kéint hei eng Rei Politiker opzielen, déi an der Vergaangenheet an dësem Geescht gehandelt hunn, an esou eist Land, eist Gemeng novir bruecht hunn.

Et war jo genee dëse Wëllen, et war dëse Wee, deen an eisem Land nom Krich d'Basis fir Wuelstand, soziale Fridden a Liewensqualitéit geluecht huet. Jo, et wor dëse

solidareschen Asaz, dëst gemeinsam Striewen, ... jo et woren dës Zielvirstellungen, déi eis kleng Communautéit ëmmer nees staark gemaach huet. An dat soll esou bleiwen.

An haut um Virowend vum Nationalfeierdag soll dëst een zousätzlechen Denkustouss sinn.

Sech staark maache fir eng participativ Demokratie, fir eng lieweg a gesond Ekonomie, déi ëmmer nees sozial Gerechtegkeet ustrieft an déi fir eng Politik vun der Durabilitéit steet, et ass Politik am Déngscht vun de Leit, an et ass gläicher Mossen e wichtegen Asaz géint Populismus a Radikalismus.

Et ass genee dat, wat Lëtzebuerg auszeechent!

De là ass a bleift den Nationalfeierdag de Feierdag vun der Lëtzebuerger Communautéit ... mat de ville Nationalitéiten, Kulturen a Reliounen.

A mir si frou an enger Gemeng ze liewen, wou bal 100 verschidden Nationalitéite mateneen eens ginn ...

Trotz Masken an alles anescht, wat ronderëm op eis wierkt: mir wëlle bleiwen, wat mir sinn, an dat bleiwe mir och:

... solidaresch an tolerant am Ëmgang mateneen,

... responsabel an eisen Entscheedunge mat enger Portioun gemëscht vu Courage a Confiance - vläicht och e bësse méi Humilitéit ewéi soss - a mam Bléck op eis Geschicht an Traditiounen,

... awer och mam Bléck no vir op déi nei Erausfuerderunge vu Politik a Gesellschaft, op nei Situatiounen, déi ebe Solidaritéit, Partnerschaft, d'Bereetschaft zum Konsens a méi ewéi jee eng Politik iwwer den eegene Tellerrand eraus brauch ...

De Nationalfeierdag soll hëllefen dësen Engagement mat neier Kraaft, mat Courage a Freed ze stäerken.

Ech zitéieren de Martin Luther King: "We must live together as brothers or perish together as fools."

Mir mussen zesummeliewen ewéi Bridder oder mir ginn zesummen ewéi d'Gecken an d'Imbécile zu Gronn.

D'Pandemie huet Spueren hannerlooss, sécherlech ... awer et wor kee Katalysator oder een Accélérateur d'incendie ... Nee grad am Géigendeel, ...

... am Confinement hu mir alleguer erlieft a bewisen, datt eis Gesellschaft nëmme funktionéiert, ... an dat och deen Eenzelen nëmmen dann eng Chance huet, ... wa mir all zesumme stinn, wann een dem aneren hëlleft, wat och ëmmer seng

Nationalitéit, seng Kultur, seng Relioun, seng Konfessioun, seng Hautfaarf, säi soziale Status, säi berufflechen Asaz ... ass!

Ech sinn iwwerzeegt, datt mir zesummen, wann och mat groussen Effort déi nei Defie, déi nei Aufgabe léisen .. déi ekonomesch an och ekologesch Kris .. Yes, we can!

An dësem Sënn wënschen ech am Numm vum Gemengen- a Schäfferot e flotten a besënnleche Feierdag.

Léif Matbiergerinnen, Léif Matbierger a Frënn vu Schëffleng,

Muer ass den Dag vun eiser klenger Natioun. D'Fest vum Mateneen a vum Beieneenréckelen, d'Fest vun allen, déi Lëtzebuerg hiert Doheem nennen.

De Nationalfeierdag – deemno - e wichtege Moment am Joreskalenner – ass den Ausdrock vun Eegestännegkeet, een Zeeche vu Fräiheet an gläichermoossen de Moment fir driwwer nozedenken, wéi mir eis entwéckelt hunn, wat eis Vergaangenheet ass ....

Hei an eisem Duerf, eiser Gemeng Schëffleng ass jidderee Wëllkomm. Net nëmmen op Nationalfeierdag. Eppes méi ewéi 11.000 Awunner, Lëtzebuerger a Net-Lëtzebuerger, Männer a Fraen, Jonk an Al, och eng Rei Demandeur a Beneficiaire de protection internationale liewen, wunnen a schaffen hei.

Leit aus bal 100 verschiddene Länner, Kulturen an Natioune liewen hei, hir Kanner ginn an eis Schoulen, spille Musek, dreiwe Sport an amuséieren sech ... An enger Uertschaft, déi eist Doheem ass, an engem Land, dat fir eis all, eis Heemecht ass.

An dësem Sënn freeën ech mech besonnesch haut um Virowend vu Nationalfeierdag enger jonker Fra d'Wuert ze iwwerloossen, déi als Präsidentin vun der Maison des Jeunes asbl an doriwwer eraus sech an eiser Communautéit engagéiert ... Enesa Agovic, Dir Hutt, Du hues d'Wuert ...

..........

Merci dem Enesa.....

Lëtzebuerg an Europa, dat ass net einfach esou eng Success Story. Eis Geschicht ass enk mat Europa verbonnen. A mir droen haut a muer, esou wéi mer dat schonns gëschter gemaach hunn, d'Responsabilitéit a weisen Asaz fir Europa. Dat soll esou bleiwen.

Ouni Xenophobie, ouni Rassismus oder Nationalitéitesträit ouni Friemenhaass, ouni Zizanie – hunn d'Lëtzebuerger ëmmer nees dat Gemeinsaamt gesicht, dat, wat verbënnt gestäerkt, den Asaz fir all Eenzelen an de Mëttelpunkt geréckelt!

Et ass dat, wat eis Natioun ausmécht! Merci Enesa, Du hues et op de Punkt bruecht ...

Homeschooling, Bleif doheem, net ouni meng Mask, Digitaliséierung a Shutdown ... dat waren d'Stéchwierder. Nei Wierder an enger anerer Zäit .. eng Zäit vun Pandemie, déi eist Liewe beaflosst huet, déi fir jiddereen den Alldag op d'Kopp gestallt huet ... och an eisem Schoulwiesen.

Et ass dofir flott, datt zwee Jongen – de Gianluca Di Bernardo an de José Santos - aus eiser Gemeng sech bereet erkläert hunn ... haut an hei e puer Wuert ze soen, wéi si dës Zäit erlieft hunn a wat si eis mam Bléck op de Nationalfeierdag nach mat op de Wee wëlle ginn.

...........

...........

Kanner a Jonker heescht et oft sinn de Verléierer vun dëser Pandemie , obwuel sech derzäit keng eeschthaft Suerge gemaach gëtt, wellecht Auswierkungen de Corona, de Covid-19 op Kanner a Jugendlecher an Zukunft huet.

Ech denken de Gianluca Di Bernardo an de José Santos si keng Verléierer, ... si hunn de Courage an de Grapp geholl an eis interessante Reflexioune mat op de Wee ginn. Merci!

E Merci geet natierlech och un déi, déi fir de musikaleschen Encadrement gesuergt hunn ....... et sinn dat ënnert der Leedung vum Jeannot Weimerskirch an Danka Petzova, d'Alexia Ouyang, de Khi Luc Phu, d'Emma Daleiden, d'Donya Emrany an d'Nelly Konamedjono ...

Merci an e puer Blummen oder chèques cadeaux ... och fir d'Enesa Agovic, an eis zwee Jongen

Mir kommen zum Schluss .. Ofschléissend Eurohymne an Nationalhymne zwee .. leider net matsangen, dofir am Stëllen a sécherlech vun Häerzen ...

Wäert Gäscht

Nach een ofschléissende Gedanken:

Wa mir haut – wann och ënnert anere Virzeechen - feieren, solle mir net vergiessen, datt dat net ëmmer de Fall wor! Haut si mir fräi an onofhängeg! Mir liewen am Fridde mat eisen Noperen. Eis Demokratie - fir déi eis Elteren a Grousselteren hu misste kämpfe – funktionéiert gutt. Et gëtt debattéiert an diskutéiert, dat alles gëtt der Demokratie de richtegen Tempo. Blannen Egoismus, och radikale Gruppenegoismus däerfen net sinn, si ginn der Demokratie eng falsch Orientéierung!

Mir hunn dëser Deeg Uerschter d'Welt leider genuch dëser Beispiller gesinn ... mat blannem Haass géintiwwer Aneschtdenkenden, géintiwwer auslännesche Matbierger, rassistesch Diskriminéierungen, antisemittesch oder xenophob Beleidegungen oder Menacë stounge leider ëmmer nees op der Dagesuerdnung ...

Haut ass dohier eng gutt Geleeënheet am Respekt un déi ze erënneren, déi fir eist klengt Land Lëtzebuerg d'Symbol vu senger Eegestännegkeet a senger Fräiheet sinn.

Eisem Grand Duc Henri a senger Famill wënsche mer op dësem Dag all Guddes fir d'Zukunft an e weidert erfollegräicht Schaffen am Déngscht vun eiser klenger Natioun.

An Iech alleguerte wënschen ech e schéinen Nationalfeierdag an e flott Schëfflenger Fest !

Vive de Grand Duc!

Vive déi ganz groussherzoglech Famill !

Vive Lëtzebuerg !

Vive Schëffleng !

**Et gëllt dat geschwaate Wuert!**